LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Här Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier BETTEL op d'parlamentaresch Fro n°1016 vum 16. Juli 2024 vum honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT**

**Ad 1)**

De Kontrakt zwëschent der Lëtzebuerger Ambassade zu New Delhi mat dem Soustraitant VFS Global ass den 23. August 2013 ënnerschriwwe ginn.

**Ad 2)**

D'Lëtzebuerger Ambassade zu New Delhi bezilt VFS Global keng Käschte fir dës Servicer. Dëst ass eng Kooperatioun baséiert op dem Artikel 43 vum „Règlement (CE) n° 810/2009 modifié établissant un code communautaire des visas (code des visas)", dee VFS Global erlaabt Servicekäschten ze berechne fir Aufgaben auszeféieren, déi am uewe genannten Artikel bezeechent ginn.

**Ad 3)**

Fir den Traitement vu Visasdemande ass an Indien net mat engem Avis de marché verfuer gi well d'Lëtzebuerger Ambassade zu New Delhi keng Käschte fir des Zesummenaarbecht engagéiert.

Lëtzebuerg, den 31 Juli 2024

De Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel